



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten

association sans but lucratif
reconnue d'utilité publique

50
JOER



Biltschdref

1971 - 2021

Relais et Terrain de l'Amitié
National Guide and Scout Center

**Invitatioun op eis 49. Guide/Scoutskiermes
Sonndeg, den 19. Juni 2022**



Dëst Joer proposéiere mir, zwee flott Trëppeltier ronderëm eisen Terrain zum Thema « 50 Joer Relais de l'Amitié » an e gudde Gebuertsdagsmenü « 50+1 » fir op der Plaz z'essen oder nom Trëppeltour mat heem ze huelen.

Programm :

10.00 bis 17.00 Auer

Maacht ee vun eisen zwee Trëppeltier, an erlieft eng Zäitrees, mat ville Fotoen an Informatiounen iwwert de « Relais de l'Amitié » vun 1971 bis 2021. (Détailer op der Récksäit)

12.00 Auer

Wëllkomm- an Éierieden, Apéritif an Uschneide vum Gebuertsdagskuch.

12.30 bis 15.00 Auer

Gebuertsdagsmenü

- Apéritif an Amuse-bouchen
- Lasagne oder vegetaesch Lasagne mat Brout an Zalot
- Gebuertsdagskuch a Kaffi

Präis : 25.00 Euro (Kanner 15.00 Euro)

14.00 bis 17.00 Auer

- Kaffisstuff an Eisekuchen

Umeldung fir den Gebuertsdagsmenü um :

E-Mail : biltsdorf@asbl.lgs.lu

oder GSM 621 29 01 24

bis spëtstens den 13. Juni 2022.

De Präis vum Gebuertsdagsmenü kënn Dir op eise Konto

Lëtzebuenger Guiden a Scouten Asbl - Comité Biltsdorf
BCEELULL -LU37 0019 5355 6225 8000

iwwerweisen mam Vermierk " Gebuertsdagsmenü „

Wann Dir är Portioun Lasagna wëllt mat heem huelen, biede mir lech Är eegen Tupperware / Dëppchen matzebréngen fir esou mann wéi méiglech Offall ze produzéieren ! **Präis Portioun eleng 15,00 €**



Siège social :
5, rue Munchen Tesch
L-2173 Luxembourg
RCS : F369

Stay, Camp & Shop - we make *Guiding* easier
Scouting



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten

association sans but lucratif
reconnue d'utilité publique

50
JOER



Bilschdref

1971 - 2021

Relais et Terrain de l'Amitié
National Guide and Scout Center

49. Guide-Scoutskiermes zu Bilschdref am Relais de l'Amitié
Sonndeg, den 19. Juni 2022



Léif Frënn, Memberen a Mataarbechter vun der LGS Asbl,

De 16. Juni 2021 sin et 50 Joer ginn datt den deemolege Verband vun de „Lëtzebuenger Guiden“ d'Haus mam Terrain op der Nummer 10 an der Abbé Neiensstrooss kaaf huet an säi nationalen Zenter „Relais de l'Amitié“ do ageriicht huet.



Säit iwwer 50. Joer sinn, zu Bilschdref am Relais an um Terrain de l'Amitié eng sëllege Gruppen mat dausende vu Kanner, Jonker an Erwuessener passéiert, déi hei vill flott Stonnen op engem WE, Camp oder enger aanerer Aktivitéit, wéi eiser Guide/Scoutskiermes oder Floumaart, verbruecht hunn.



Dofir proposéieren lech d'LGS Asbl - Comité Bilsdorf a seng Mataarbechter, e gudden Gebuertsdagsmenü „50+1“, deen Dir mat engem vun eisen zwee flotten Tréppeltier kombinéiere kënt mat flotten Biller an Informatiounen iwwer „50 Joer Relais de l'Amitié“.

Eis zwee Tréppeltier :



1. De klengen Parcours geht iwwert de „Skulpturenwee“ ass +/- 3 Km laang an huet eng Tréppeldauer +/- 1 Stonn.

2. De groussen Parcours geht iwwert de „Neimillewee“ ass +/- 6 Km laang an huet eng Tréppeldauer vun +/- 2 Stonnen.



Kommt laansch a maacht mat, mär wärend frou lech den 19. Juni 2022 zu Bilschdref begrëssen ze kënnen, mat lech zesummen ze feieren an e flotten Dag ze verbréngen !



Donen

Där kënt eis och mat engem Don, dee vun de Steieren ofsetzbar ass ënnerstëtzen.

Lëtzebuenger Guiden a Scouten Asbl - Comité Bilsdorf

BCEELULL - IBAN LU37 0019 5355 6225 8000

Kommunikatioun : „Don Relais de l'Amitié“

MERCI !



Siège social :
5, rue Munchen Tesch
L-2173 Luxembourg
RCS : F369

Stay, Camp & Shop - we make *Guiding* easier
Scouting